# Rapport de réunion de la Commission de Mobilité et de Circulation

Numéro de la réunion : 1/2026
Date de la réunion : mardi, le 17 mars 2025
Lieu de réunion : Centre Prince Henri, Walferdange
Heure de début 19.00 heures

Présences:

Thierry Leysen,
Romain Breuer,
Marie-Anne Eiden (remplace Alain Hennes),
Laurent Hennes,
Edmée Schmit-Streff (remplace Leo Spiridigliozzi),
Aline Schaltz,
Astrid Sigl,
Theo Thill,
Laurent Schanck,
Guy Medinger,
Laurent Diederich,
Helga Mardetschläger,
Antonino Caldarella

Gilles Hirtz
Tessy Debra

## 1. Presentatioun Mobilitéitskonzept an neie PAPen duerch Comobile

- ⇨ Bei neie Quartieren Zone 20 resp. Spillstrooss (Schrëttgeschwëndegkeet) festleeën
  - ➢ Bei Zone 20 huet den aktive Verkéier Virrang
- ⇨ Keen Duerchgangsverkéier an neie Citéen!
- ⇨ Quarteiere mussen ugepasst ginn un nei Virgaben vun der Zone 30 wann se nei gebaut ginn
- ⇨ Rue de Dommeldange: dës Strooss soll nach emol am Detail gekukt ginn fir festzestellen wou eng Berouegung meiglech ass an de Quartier (virun allem mat der Rue de l'Eglise, déi jo zur Partie och en nationale Vëloswee ass) mat an d'Konzept ze huelen ... (eventuell Zone 30)
- ⇨ Konzepter fir Foussgängerwee
- ⇨ Vëlosweeër
- ⇨ Ëffentlechen Transport
- ⇨ Schülertransport:
  - ➢ 2 zousätzlech Haltestellen (Elterstrachen a Strachen)
  - ➢ Séchere Schoulwee als Alternative zu Elterentaxien
- ⇨ Konzept vu Parkplazen
  - ➢ Parkplazen op enger Kaart verort
  - ➢ Flex am Millewee ass Pop-up, dofir net op der Kaart
  - ➢ och Vëlo am rouende Verkéier berücksichtegen!
    - ▪ Qualitéitskritäre beuechten!
- ⇨ Iwwerleeung Am Becheler:
  - ➢ Sécheren Iwwergang Rue Renert-Schoul
  - ➢ Strooss fierwen vu Kräizung bis Kräizung

- ➢ Chantier ass souwisou do; kann elo esou finaliséiert ginn

*Propositiounen/Iddie Kommentarer vun der Kommissioun:*

- ⇨ Zone 30 an der Rue de Dommeldange + modale Filter an der Rue de l'Eglise
  - ➢ hei gëtt et nach kee Konsens!
  - ➢ Konzept fir de ganze Quartier ausaarbechten
- ⇨ 30 laanscht de Kierfecht: firwat?
  - ➢ Geféierlech Kräizung mat der Rue de Dommeldange …
- ⇨ Zone 30 am Stafelter zéien bis bei Rue du Soleil
  - ➢ gutt Propose wéinst den Helsemer Vëlofuerer
- ⇨ Konzepter fir Foussgängerwee
  - ➢ Privatweeër eraushuelen! (z.B. BGL zu Bärel)
- ⇨ Vëlosweeër
  - ➢ falscher resp. déi iwwer Privatterrain eraushuelen (z.B. duerch d'Beggener Kläranlag)
- ⇨ Schülertransport:
  - ➢ 2 verschidden Arrêts gëtt et an der Rue de l'Europe => 1 ofschafen!
- ⇨ Am Becheler:
  - ➢ Strooss fierwen vu Kräizung bis Kräizung ass eng gutt Iddi an am Moment einfach ëmsetzbar! (eventuell op de PAP Becheler-Rue Renert waarden am ënneschte Beräich)

## 2. Vëloswee Bärel-Bridel

- ⇨ Aarbechte sollen 2027 ufänken
- ⇨ Verbindung PC1-PC15
  - ➢ Cité Gr.-D. Jean bis op der Bridel (N12 soll hei och eng Pist Cyclable kréien)
- ⇨ 2,85 km op bestehendem Bëschwee
  - ➢ gëtt vëlosgerecht
- ⇨ an eng Natura-2000-Zon gëtt agegraff …
- ⇨ Wee bis elo am Beton => Zerstéierung vu Biotop (och de Wee); Alternative wier en duerchlässege Belag (à voir …)
  - ➢ Beton ass am resistentsten
  - ➢ 2,5 m breed + 0,5 m Accotement
- ⇨ Budget: ronn 2,2 Milliounen € (dovunner entfält 1/3 op eis; de rescht op d'Gemeng Koplëscht)
  - ➢ Duerch d'Verbindung vun 2 PC nationalen kënne mir Subsiden ufroen
  - ➢ 1/3 fir eis minus Subsiden (PCh, Tourismus, Landwirtschaftsministär wéinst dem Feldwee an der Rue de la Forêt)

## 3. Parkraumanalysen an der Gemeng

Firwat?

1. Gemengeplaz réaménagéieren
2. Wa schonns eng Plaz gezielt gëtt maache mir se direkt all (5 Parkinger am Zentrum)

Donnéeën:

- ➢ wéivill Autoen do stinn,
- ➢ wéi laang se do stinn,
- ➢ wéivill verschidden Autoen do sinn

⇨ Zielung 1:

        - d'Rte de Luxembourg ass an der Mëttesstonn voll ausgelaascht, soss net >> Restaurants
        - Virun der Gemeng: ass bal ëmmer ganz voll (vill Kuerzzäitparker; vill Rotatioun)
        - Bei der Kierch: mëttelméisseg besat (50%), vill Kuerzäitparker >> Dokteren
        - Stade Prince Henri (max 75% ausgelaascht): Kuerzäit, awer och méi laang; fëllt sech mëttes
- ⇨ Zielung 2 (Edupole-Formatioun+ Dag virun Allerhellgen)
        - Rte de Luxembourg: 3,9 Autoen pro Dag op enger Parkplaz ass net vill
        - Gemengeplaz: Laagzäitparker (>5h) blockéiere Plazen; trotzdem awer nach 6,5 Autoe pro Plaz
        - Kierch: idem Laangzäitparker
        - Futtballsterrain (2,7 Autoe pro Plaz): bal keng Rotatioun
- ⇨ Verglach vun den 2 Deeg:
        - Formatiounen um Edupole hu vill Afloss op eis Parksituatioun

- ⇨ De 24. Mäerz gëtt nach emol an der ganzer Gemeng gezielt fir Aussoe vu Méiparken während dem Chantier kënnen ze begéinen

*Propositiounen/Iddie vun der Kommissioun:*

- ⇨ Leit informéieren, datt eng Zielung vun den Autoe gemaach gëtt (et kann een d'Leit awer och uschwätzen; si hunn eng Attestatioun dobäi)
- ⇨ Durée vu Parkzäiten eventuell erofsetzen fir Rotatioun eranzebréngen
- ⇨ Alternative fir Laangzäitparker bidden (u sech gëtt et se schonns bei der Sportshal fir 5h)
    - besser ausschëlderen
    - speziel beim IFEN/INAP uginn, datt si en hiere Clienten kommunizéieren
- ⇨ „Payant maachen reduzéiert d'Parken" laut Tessy Debra (et kann net gefuddelt ginn); Präisser staffelen (wat méi laang, wat méi deier!); 30 Min fir näischt
    - Etuden ukucken, wat dat bréngе géif an dann décidéieren

## 4. Flex

3 nei Autoen dobäi:

- ⇨ Camionnette bei der Gare,
- ⇨ Millewee Pop Up,
- ⇨ hannert dem Cactus

Wéineg Deeg wou en net benotzt gëtt; och di nei Statiounen

- ⇨ Cactus a Millewee ginn nach am mannste benotzt
    - ganz nei,
    - nach keng Reklamm,
    - schwéieren Accès an d'Strooss wéinst Chantier)
- ⇨ Reklamm kënnt am nexte Buet!

## 5. Divers

Kräizung Bärel rue de Steinsel

- ⇨ Ganz geféierlech fir Foussgänger an der Steeseler Strooss viru Lénksofbéier

*Propositioun vun der Kommissioun:*

- ⇨ Lénksofbéier retardéieren

Rue de l'Alzette:

- ⇨ hei kritt een net ëmmer gréng wéinst engem net méi zouverlässegen Detekter
- ⇨ Op der Haaptstrooss kritt een all 30 Sekonne rout >> Stau, awer d'Rue de l'Alzette krit gréng
- ⇨ Ass keng gutt Léisung bis den neien Detektor do ass

- ⇨

*Propositioun vun der Kommissioun:*

- ⇨ Zäit fir d'Haaptrichtung verlängeren!

Fréijoer 2026 soll ugefaange ginn mat der N7

- ⇨ Enn Abrëll normalerweis

Schwaarzbelag um neie Vëloswee laanscht d'Schoul

- ⇨ Eventuell direkt e wäisse Belag leeën!?

La session est levée à 20.30 heures.

Walferdange, le 26 mars 2026

Les présidents | Le secrétaire

Aline Schaltz et Thierry Leysen | Laurent Hennes